N°2312
Entrée le 13.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.05.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Am Virfeld vun der landeswäiter Ëmsetzung vum "Projet ALPHA" goufe viru Kuerzem, ënnerschriwwe vum President vum Syvicol a vum Här Schoulminister, Invitatiounen op dräi Informatiounsversammlungen zum genannte Projet un d'Buergermeeschteren an d'Presidente vun de Schoulsyndikater verschéckt. An där Invitatioun stoung: *"Lors de cette rencontre, nous vous présenterons les grandes lignes du projet, tant sur le plan conceptuel, organisationnel qu'infrastructurel".*

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister confirméieren, datt am Kader vun dësen dräi Informatiounsversammlungen (22.4.2025, 23.4.2025 a 24.4.2025) de Buergermeeschteren a Schoulsyndikatspresidente kloer vermëttelt gouf, datt et sech beim "Projet ALPHA" aktuell just ëm e Projet handelt an datt d'Konsequenze vun deem Projet op nationalem Plang bis elo nach net analyséiert goufen? Wann nee, firwat gouf dat net an där Form kommunizéiert?
2) Goufe bei dësen Informatiounsversammlungen och déi kontrovers Punkte vum Projet ALPHA, besonnesch op konzeptuellem Plang, thematiséiert? Wann nee, firwat goufen dës Punkten net beréiert?

Mat déiwem Respekt,

Keup

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2312 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

1. **Kann den Här Minister confirméieren, datt am Kader vun dësen dräi Informatiounsversammlungen (22.4.2025, 23.4.2025 a 24.4.2025) de Buergermeeschteren a Schoulsyndikatspresidente kloer vermëttelt gouf, datt et sech beim "Projet ALPHA" aktuell just ëm e Projet handelt an datt d'Konsequenze vun deem Projet op nationalem Plang bis elo nach net analyséiert goufen? Wann nee, firwat gouf dat net an där Form kommunizéiert?**

   An der Invitatioun fir d'Informatiounsversammlungen zum Projet *ALPHA – zesumme wuessen*, déi vum Educatiounsministère zesumme mam Syvicol organiséiert goufen, stoung datt Follgendes thematiséiert gëtt: *„les grandes lignes du projet, tant sur le plan conceptuel, organisationnel qu'infrastructurel"*.

   D'Implementatioun op nationalem Plang gëtt am Moment mat all den Acteuren diskutéiert.

2. **Goufe bei dësen Informatiounsversammlungen och déi kontrovers Punkte vum Projet ALPHA, esonnesch op konzeptuellem Plang, thematiséiert? Wann nee, firwat goufen dës Punkten net beréiert?**

   Bei dësen Informatiounsversammlunge gouf de Projet *ALPHA – zesumme wuessen* an allen Detailer virgestallt. Leit, déi präsent waren, konnten um Enn vun der Präsentatioun, souwuel am grousse Grupp wéi am informelle Moment am Uschloss, all hir Froe stellen a kruten Äntwerten.

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH